Mam Scheck an d'Crèche!

D'nächst Joer kréie mer bal all ee Scheck, fir eis Kanner ofzeginn an enger Institutioun. Allerdings nëmme bal all. Et ass nämlech sou, datt ech z. B. guer keen zegutt hunn, well eis Famill gehéiert zu deem Drëttel, dee sou „domm" ass, fir seng Kanner selwer doheem ze encadréieren.

Wéi mir eis éischt Kand kritt hunn, viru méi wéi zéng Joer, hu mir eis iwwerluecht, wéi mir dat lo am Beschte kéinte maachen, mam Resultat, datt mir eis selwer ëm eist d'Kand wollte këmmeren. Also ass dee mat der klengster Pai doheem bliwwen a mir hu vun deem Dag un vill méi kleng Bréidercher gebak.

Eng Ënnerstëtzung vum Staat krute mir dowéinst allerdings net, an och lo bei der grousser „Scheckiwwerreechung" gi mir vergiess.

Datt ee fir seng Kanner do ass, ass fir mech eng Liewensastellung an a mengen Aen souwisou net mat Suen ze bezuelen, mee d'Gefill fir domm verkaf ze ginn, ginn ech an dësem Fall net lass.

Et enttäuscht mech enorm, datt de Staat et net derwäert fënnt, fir den Elteren ënnert d'Äerm ze gräifen a si ze encouragéieren, fir hir Kanner doheem ze hunn, fir an der Famill mat hinnen ze liewen, zesummen z'iessen, Zäit ze hunn fir de Kanner nozelauschteren ...

Do sinn dach d'Boboë vun eiser Gesellschaft verstoppt, et wëllt kee méi Zäit a seng Kanner investéieren, méi wichteg: vill Suen, vill Vakanz, vill Bequemlechkeet, vill Unerkennung vu baussen. All dat huet een net onbedéngt, wann een einfach doheem seng Famill managt.

Fir wat gesäit keen ann, wéi wichteg datt et ass, fir ee Kand mat der Hand ze huelen an et mat Léift a Gedold a ganz vill Zäit op sengem Wee an d'Liewen ze begleeden.

Dës Aufgab ass eng richteg Erausfuerderung, si ass opreegend an ustrengend a mat en etlech Fehlschléi verbonnen, mee si ass ganz sécher net mat engem Scheck ze léisen.

An dofir maache mir, ouni Ënnerstëtzung vum Staat, sou weider wéi bis lo.

Mamm an Hausfra
aus Iwwerzeegung

LW 15.10.08